

**BUDGET 2013 - Ried Marc Spautz**  
**- et gëllt dat geschwate Wuert -**

**Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ier ech mech mam Budgetsrapport 2013 well beschäftegen e groussen Merci am mengem perseinlechen wei och am Numm vun eiser Fraktioun un de Budgetsrapporter den honorabelen Lucien Lux.

Den Rapportier huet a sengem détailräiche schrëftleche a mëndelchen Rapport duergeluecht, wéi wichteg et ass, den aktuelle Staatsdefizit schnellsméiglech ze réduzéieren wa mir eiser Jugend hir Zukunft net welle verbauen.

Net fir näischt laut den 2. Deel vum Titel den de Rapportier sengem Bericht ginn huet, « un projet pour nos jeunes, un projet de confiance »

**Här President, dir Damen an dir Hären**

Mir sinn mettlerweil am Joer 5 vun der Crise.

- 5 Joer wou Wirtschaft net mei sou dréint wei mir daat déi läscht 20 Joer gewinnt waren.
- 5 Joer vu manner Wuestum an demno manner Räichtum.
- 5 Joer vun steigenden Chômagezuelen.
- 5 Joer wou Schéier vu Recetten an Dépensen auserneen geet.
- 5 Joer vun fortlaafenden Budgetsdefiziter

Dess 5 Punkten hun eppes gemeinsam.

Brenge mir et an den nächsten Méint an Joren net färdeg dess 5 Tendenzen emzekéieren, an déi Kurskorrekturen déi do noutwenneg sinn, net gemaach kréien, mat all deenen Défien déi déi nächst Joeren nach wäerten op eis duerkommen, da gesäit et a mengen Aen net ganz gutt fir eist Land aus, op jiddwerfalls net fir d'ëffentlech Finanzen.

An dass et mat eise Staatsfinanzen wierklech net gutt gestallt ass e Fait.

Dofir probéieren mir och zennter Méint dese Message zesumme mat der Regierung no baussen ze droen.

Leider ass et eis menger Meenung nach net richtig gelongen dem eenzelne Bierger bewosst ze maachen, datt eist Land sech matzen an engem Strukturwandel befennt, datt mir néien, onbekannten Zäiten entgéintstéieren an dofir eist Land aneschtens a nei mussen opstellen. Leider hunn och dacks kurzfristeg Partikularinteresse mei d'Opmierksamkeet wei d'Suerg ëm d'Land, dat mir eise Kanner a Kannskanner hannerlossen.

Lo kann een sech Liewen natirlech ganz einfach machen an dess néi Realiteit einfach ignoréieren oder soen Regierung wier eenzeg an alleng Schold un der ugesapnnter Lag vun eisem Land.

Sou einfach ass et awer net .

Dofir e klenge Rappel : Wei 2009 Krise dat eischte Joer voll duerchgeschloen huet, ass déi aktuell Koalitioun op de Wee gaang eng antizyklesch Politik ze fueren déi mengen ech ze soen vun alle Parteien an der Chamber gedroen gouf. Mir hunn wëssentlech a wëllentlech d'Dépensen vum Staat während 2 Joer net reduzéiert an der Hoffnung datt Crise bis 2011 eriwwer ass.

Vergangeheet huet nämlech gewisen dass Krisen an der Regel inerhalb vun 2 Joer erriwer sinn.

Dess Regel huet des Kéier leider net gespillt.

An deser Zäit sinn Einnahme net méi am selwechte héige Mooss geklomm wei Depensen.

Am Géigendeel.

Eis Dépensen sin weidergelaaf an souguer nach geklomm well dei volontaristesche antizyklesche Politik, déi souwuel de Privatstéit wei och eiser Wirtschaft zuguttkomm ass, gouf et jo net zum Nulltarif.

Si huet iwwert 1 Milliard kascht an gouf finanzéiert vun de Resevern déi mir an de sougenannten fette Joren ugeluecht haaten.

Mat desem Apel fir den Duschtsinn mir bis Joer 2010 iwwert Ronne komm. Duerno waar Deppen leider eidel.

No 2010 ass Schéier vun de Dépensen zu de Recetten weider auserneegaang obwuel Recetten nach emmer ganz dynamesch a weider an Lucht gaang sinn. Mä leider net genuch fir de gesamtstaatlechen Equiliber kennen ze haalen. Dofir hu mir eis an de leschten 2 Joer massiv mussen ertschelden.

Daat ass e Rieseproblem fir Zukunft vun eisem Land. Eis Dépensë steige nährlech strukturell esou staark, dass eis Finanzen ouni Scholde ze machen komplett aus de Ruder géife laafen.

Ech ernneren an deem Kontext, dass mir jo net réischt zanter Geschter am gangen sinn ze probéieren eis Staatsfinanzen rem an den Equiliber ze kreien. Mir hun am Joer 2010 een 1. Consolidéierungspack vun iwwer 700 Milliounen ugehol. Daat duerf een net vergiessen.

An aawer klemmt den Différentiel téscht den Einnamen an den Ausgaben weider un.

**Här President,**

De wirtschaftleche Opschwong an Europa ass bis haut ausbliwen.

Als exportorientéiert Natioun deet eis daat méi wéi wéi deen Länner déi op eng staark Innenofro kenn setzten.

Manner Wuestum bedeit vir onst Land manner Rächtum.

Dofir kréie mir den Defizit vun enger Milliard beim Zentralstaat deen mir zennter 2010 durech eis antizyklisch Politik ugehäuft hun a virun eis hischleefen net oofgebaut.

Dat ass, nierft verschiddenen Automatismen an eisem Budget déi ausufern, de Grond fir déi finanziell Problemer beim Staat, déi mir awer gewellt sinn an der Koalitioun unzegoen.

Et ass dofir wichteg ze soen, dass Zukunft vum Land net op engem ausuferndem Budgetsdefizit kann opgebaut ginn.

Daat ass an der Koalitioun erkannt ginn an Ruder gouf lo emgerappt.

Mam Budget fir Joer 2013 ass en 1. Schratt op desem Wee gemeet ginn. En Schratt deen awer net duer geet.

Do mussen nach weider Mossnahmen kommen – an déi kommen dozou huet sech Koalitioun an Regierung engagéiert.

Ech komme zu Schluss vu menger Interventioun op dese Punkt zereck.

**Här President,**

D'Orou war grouss am Land wéi mir eis Fraktioun eis Aschätzung geäussert hun, dass Defizitreduzéierungen déi am Budget 2013 virgesinn waren, eiser Meenung net géifen duergoen.

Et ass gesoot ginn mir géifen dem Finanzminister an de Reck falen an ganz Regierung désavouéieren.

Daat ass falsch.

Richteg ass, dass et eischer rare ass, dass een déposéierte Budget hei zu Letzbeurg nogebessert gett.

Dat ass aawer net de Punkt.

Mir wollten als Majoritéitsfraktioun soen, dat mir der Meenung wieren, dass et Zäit gett dass mir eng Rei Saache an eise Land, dären Inzidenzen hire Nidderschlag am Budget fannen, mussen anescht gestalten

Dofir wollt ech nach eng Kéier erläuteren firwaat mir Nobesserungen gefuerdert hun :

Fir eis als CSV-Fraktioun war den ausschlaggebende Punkt de Budget vun 2013 nach eng Kéier op de Leescht ze huelen emol net sou seng Opstellung a seng Ausrichtung.

Vill méi huet eis d'Ausfeiernng vum Budget 2012 eeschthaft Suerge gemeet.

An der Mëtt vum Joer ass en nach vun engem prévisibelen Defizit beim Zentralstaat fir Joer 2012 vun 800 – 900 Milliounen Ausgang.

Bei der Presentatioun vum Budget 2013 si mir dunn aawer gewuer ginn dass den Exercice 2012 wierklech katastrophal soll ofschléissen, mat engem Defizit vun 1 Milliard a 650 Milliounen Euros. Innerhalb vun nemmen 3 Méint hun Previsiounen vir 2012 sech also dramatisch verschlechtert. De Defizit huet sech quasi-verduebelt.

Daat war de Moment wou fir eis définitiv feststoung, dass et heigh Zäit gett Handbrems ze zéien an Budgetssanéierung méi konsequent unzegoen.

Duerch desen Emstand an de Fait dat eis Staatsschuld dat anert Joer bei iwwer 26% vum PIB oder 11,9 Milliarden wärt leien, hun eis ugedriwwen weider Mossnahmen fir Defizitreduzéierung ze fuerdere, ze fannen an och emzesetzen.

Wann ee bedenkt, dass duerch déi steigend Verscholdung eis Zënslaacht nächst Joer bei iwer 200 Milliounen Euro läit – daat ass den equivalent vun 2 fuchnéien Lycéen – mengen ech ass de Mesaage kloer, dass wann näischt substantielles am Staatsbudget geschitt , da komme mir onweigerlech an eng Spiral, déi dohinner féiert wou aner Länner an Europa ukomm sinn.

Een aaneren net manner wichtege Punkt deen eis zu eiser Konklusioun komme geloss huet war den Emstand, datt d'Regierung e Projet op den Instanzewee geschéckt huet, deen net dat respektéiert huet zu deem si sech selwer engagéiert hat, nämlech, fir d'Chance ze behalen iwwerhaapt an de budgetären Equiliber an deenen nächste Joeren ze kommen.

Weinst de graat genannten Punkten a nemmen dofir si mir als Majoriteitsfraktiounen zum Entschluss komm, dass et gutt fir eist Land wier wa mir den Staatsdefizit méi wäit géifen zreckféieren wei dat am initialen Budgetsprojéit virgesinn war. D'Fraktiounen vun CSV an LSAP hunn hir Responsabilitéit iwuerholl, wei et drop ukomm ass an der Regierung beim Konsolideierungseffort gehollef. Et geht hei eenzeg an eleng ëm d'Zukunft vun de jonke Generatiounen.

### **Här President, Dir Dammen an dir Härren**

"Voir, juger, agir", de Leetsproch vum Kardinol Cardijn hun ech läscht Joer an der Debatt zum Budget op deser Tribün genannt.

Ech identifizéiere mech mat desem Leetsproch an sinn frou, dass ech a menger politischer Arbecht als Deputierten an als President vun der CSV-Fraktioun desem Leetsproch dest Joer an desem wichtege Dossier gerecht konnt gin.

Mir hun de Problem nämlech net nemmen schons mei laang erkannt, nee mir sinn eis Eenz ginn den Challenge vun der méi konsequenter Budgetssanéierung unzegoen. Mir hunn, obwuel vill Leit eis daat net zougetraut hunn, als Majoriteitsfraktioun zesummen mat der Regierung Leisunge fonnt, déi eis nees op Trajectoire vum budgetären Equiliber am Joer 2014 zreckbrenge, wuelwessend dass dat bei enger quasi Stagnatioun vun eise Wirtschaftswuestum et extrem schwierig jo vläit souguer onméiglech gett ze errechen.

Mir hun et also gemeinsam färdeg bruech d'Staatsfinanze ëm 952 Milliounen verbessern oder aneschte gesoot den Defizit ëm 952 Milliounen oofzebauen.

Daat ganz geschitt an 3 grouse Bleck:

1. 251 Milliounen Apsuerungen op der Dépense-Säit
2. 414 Mehreinnahmen op der Recette-Säit an
3. 287 Milliounen bei den Investiounen, d.h. se net investiert an op dei Art a Weis gespuert.

### **Här President**

Erlaabt mir op déi virgenannten Punkten anzegoen an an desem Kontext de Rapportier vum Stéierpaak dem Gilles Ropth villmols Merci soen fir säin ganz informativen a kompletten schreftlechen Rapport. Dat selwecht gëllt fir säin mëdlechen Bericht geschter Moien hei an der Chamber wou hien ganz sachlech duergstellt huet wat dei eenzel Mesuren fir de einzelnen Bierger oder Betrieb bedeuten.

Fir eis sinn déi 952 Milliounen Defizitreduzéierung am Budget 2013 ee Ganzt. Et duerf en dofir net eng Measure lassgeleisst vun der anere kucken well all eenzel Measure ass u sech kritisabel a kann, op zurecht oder net, hannerfrot an a Fro gestallt ginn.

Dat ass awer net eis Aproche. Et ass fir eis ee Paak, een sozial equilibrierte Paak wou jidderen am Land op Salarié, Pensionaire oder Betrieb no senge Meiglechkeeten säin Undeel muss leeschten.

Et gett hei keen aus senger Verantwortung gelooss. Et ass een kollektiven Effort deen vun jidder einzelnen Efforten verlaangt.

Et ass keng eesaäiteg Austeriteitspolitik an mir üben och net de soziale Kahlschlag aus, dee fennt am Moment an aaneren Länner vun der europäischer Unioun statt mä net zu Letzebuerg.

Ech erenneren drun dass mir bis 2014 all 1. Oktober vum Joer eng Indextranche garantéieren, den Accord Salarial an der Fonction Publique wann och méi speit, emsetzen an de Mindestloun op den 1. Januar 2013 héigen. An engem Ablack, wou an aneren europäesche Länner d'Léin net nemmen agefruer, mais carrément erofgesaat ginn, gëtt zu Lëtzebuerg d'Entwecklung vum Loun garantiert.

Mir hunn also all Efforten gemaach engersäit Kafkraft ze erhalten an anerersäit Suerg gedroen dass déi néi Belaaschtungen sozialgerecht equilbréiert sinn.

Kritik dass Konsolidéierungsmesuren majoritär zu Laaschten vum klenge Mann vun der Stross an dem schaffend Vollek sinn sinn dofir och falsch.

Wann ech Opdeelung vun de 414 Milliounen u Steierecetten kucken da gett Kapital an Entreptisen mat 43 Prozent mei stark belaascht wei Privatpersounen mat em dei 40 Prozent.

Ausserdem kann een déi 40% net alleguerten an dat selwecht Deppen geheien well et bei dese 40 % och nach eng Keier zu enger Ennerdeelung kennt trei nom Motto dass breet Schelleren mei mussen droen wei schmueller.

Mat desem Paak ginn dei sougenanntes « Deck » mei stark belaascht wei dei Kleng woubai mir nach emmer schleierhaft ass wou fir den Eenzelnenen den Decken ufänkt respektiv de Klengen ophält.

Dei läscht dei eng Definitioune vum Decken ginn hunn waren virun kuerzem Caritas an Steftung « dei Gréng » dei dess Grenz bei 5 mol de Mindestloun fixéiert hunn : daat sinn 9.232,55 euros brutto de Mount !

Ab deem Montant wier Kannergeld laut hinnen net mei auszebezuelen.

Dont acte.

Dir gesitt Vuen ginn op desem Punkt wäit ausereneen. Jiddefalls wat meng Fraktioun a meng Partei ugeet. Fir déi aaner hei am Haus kann ech jo net schwätzen.

Zreck zum Consolidéierungspaak.

Een aneren Punkt sin Halbéierung vun der Ofsetzbarkeet vun de Scholdzensen.

Dess Moosnahm trefft och eischer deen mat de breede Schelleren wei dee mat de Schmuellen. Fir dei maximal 672 € integral kenne oofzesetzen muss een bei den heitegen Konditioun fir Sue ze leinen e prêt à la Consommation vun op mannst 25.000 euros opgeholl hun. Ausserdem soll mat deser Measure och der Problematik vun der Iwwerscheldung entgéintgewierkt ginn.

Desweideren hu mir och bei de méi breede Schelleren de Spetzesteiersatz op 40 % ropgesaat fir de Montant iwwert 100.000 euros.

Daat ass fir déi Leit deen een monatlech bestéierbar Akommes hun vun méi wéi 8.333 euros.

Fir dei sougenannte Besserverdinger hu mir desweideren Solidariteitssteuer nach eng Kéier no uewen geschrauft.

Fir een Revenu annuel imposable an der Steierklasse vun iwwer 150.000 Euros, also iwer 12.500 Euro bestéierbar Akommes de Mount gett de Prozentsatz vun 7 % op 9% an d'Luut.

Fir Steierklass 2 gellt desen Taux ab engem jährlechen Bruttoakkomes vun 300.000 euros.

Dess grat genannten Mesueren hun folgend Auswierkungen fir déi breet Schelleren.

Ech huelen Beispill vun enger Persoun aus der Steierklass 1 mat engen jährlechen Bruttoakkomes vun iwwer 150.000 Euros also mat iwwer 12.500 Euro bestéierbar Akomes de Mount an deen och net méi seng déduction forfaitaire des frais de déplacement kann geltend machen :

Deen bezillt aktuell 51.190 Euros un Stéieren.

Duerch déi néi Steiermesuren muss dess Persoun ab dem 2013 53.202 euros bezuelen.

Daat ass e plus vun 2012 €.

Eng Persoun mat engem jährlechen Bruttoakkome vun 100.000 Euros also 8333 bestéierbar Akomes muss 892 € méi bezuelen.

Zum Verglach : eng persoun mat engem jährlechen Bruttoakkome vun 25.000 Euros also 2083€ bestéierbar Akomes muss mat den néien Steiermesuren 58 euros pro Joer méi bezuelen.

Dir gesidd mat desem Beispill dass et sozialgerecht gegliedert ass.

Deen méi verdengt muss prozentual gesinn vill méi een groussen Effort leechten wei deen op der enneschter Lounskala.

Dat sinn fir eis konkret Schrett vu sozial equilibreiert Politik.

Ech hu virdrun gesoot dass all Mensch un der Budgetssaneierung muss partizipeieren. Et gouf voll Kritik dass Pensionnairen hiren Ajustement net ausbezueltt kreien.

Ech soen bewosst nit ausbezueltt, well mir hun am Geigendeel zu deem wei et dobausse véhikuléiert gett, den Ajustement net oofgschaaf. Mir hunn mat den genereisten Pensiounssystem an der ganzer Welt.

Ausserdem ass Altersarmut zu Letzebuerg dank eise Pensiounsystem bal keen Thema mei.

Dofir muss et och erlaabt sinn, dass eis Pensionnairen, och am Kontext vum Generatiounenkontrakt, hiren Beitrag zur Budgetssaneierung leeschten. Et kritt keen eppes weggeholl just manner bei. Dat ennerscheid eis Politik mat där aus Griecheland, Spuenien oder och nach Portugal.

D'Argument vun den sougenannten Hongerrenten dat an desem Kontext och emmer rem opkennt hu mir lescht Woch am Kader vun der Pensiounsreform zu engem groussen Deel geleisst, wou mir Grondrent als enzech no uewen ugpassst hun. Dat huet och Inzidenzen op Mammerent déi mir net oogeschaft hun. Mir hun se lo op den Niveau zreckgefouert wou se eigentlech beim Rendtendesch ugesoot gouf.

**Här President**

Emmer rem kennt Kritik op dass vill Betriber hei am Land keng oder nemmen ganz wéineg Stéieren bezuelen.

Och an der Öffentlechkeet herrscht dess Meenung vir, dass d'Betriber an d'Kapital méi staark zur Kees solle gebieden ginn

Mir waren als Majoriteitsfraktioun och zum Deel der Meenung dass et net kla sinn dass verschidde Beriebe guer net belaaucht ginn währendem vun all Bierger e gewessen Effort verlaangt gett.

Duerfir hu mir décidéiert, an dat asse en Novum, dass bei der Betriebsbesteierung fir d'éischte Kéier eng minimal Steier agefouert déi je no Bilanzomm variéiert. En einfache an fairen system wsou jiddfer Bertreib säin Baitrag muss leechten

Wann et net dat rabrengt wat mir aberechent hun da musse mir do secherlech nach eng Kéier nobesseren.

Wann een eng méi gropuss Belaschtung vun de Betriber fuedert dann duerf en och net vergiessen dass Solidaritéitsstéier fir Betriber op 7% klemmt.

Ausserdeem gett ab dem nächsten Joer och. Stéier fir SOPARFI ginn trotz vill Bedenken aus de Sektour ande Staatsrot verduebelt : vun 1500 op 3000 euros.

Bei der Besteierung vun de Stockoptions kennt et zu fundamentalen Ännerungen déi net manner wei 50 Milliounne euros an Staatskeesen wärten spullen.

Am Ganzen steieren Betriber an Kapitalbesteierung eng 180 Millioun zu den Mehreinnahme bei.

Net Nemmen Bierger an Betreiber bedeelegen sech un der Budgetssanéierung.

Och Gemengen muss hiren klengen Deel leeschten.

Hinne gett awer näischt gestrach. Si mussen an Zukunft Solidariteiststeéier bezuelen.

Déi ass net nei. Dei gett et fir Gemengen zennter der Stoolkrise an den 80er Joren. Si ass nie ofgeschaaft ginn just op 0% zereckgefuer ginn. Elo gett se op 2% fixéiert.

Léif Kollegen dir gesidd als dass et falsch ass dass just de Mann vu der Strooss Haaptlaascht vum Konsolidéierungspak muss stëmmen. De Konsolideierungspak ass esou getesselt, datt vun de Leit mat de mei heiche Revenuen e bedeitend mei groussen Solidariteitseffort verlangt gött. An och d'Betreiber ginn mei an d'Responsabilitéit geholl.

### **Här President**

E puer Wuert zu den Investissementer. Bei den Investitiionsausgaben ginn et Aspuerungen an der Heicht vun 287 Milliounen euros.

An de leschte 4 Joer lung deen Invest emmer iwwert 1,6 Milliarden Euro.

Mir fueren elo e bessen zreck. Net egal wei.

Regierung huet ee Screening bei den Investissementer gemeet nom Credo dass an Zukunft prioritär dat muss gebaut ginn, wat eis Land no fir brengt, et fit mescht fir Zukunft.

Dat sinn Infrastrukturen dei et eis erlaaben weider ze wuessen an dei zukünfteg Defi'en ze meeschten fir dass an eisem Land och weiderhinn gutt ka gelieft, geschafft an investiert ginn.

Daat sinn Strossen – Schinnen, Lëtzebuerg/Peiteng ass elo endlech zanter puer Deeg zweegleiseg, ech freë mech doriwer als Deputierten aus dem Südbezirk – Schoulen an Lycéen – Kliniken, administrativ Gebaier, IT-Infrastrukturen am Résumé Infrastrukturen déi mir mussen hun fir eist Land zuküntsfaheg ze gestalten.

Dat sinn Prioriteiten vun der Regierung.

Bei all denen aanere Projeten muss een soen aufgeschoben ist nicht aufgehoben och wann Zäiten vum « Nice to have » définitiv eriwwer sinn.

### **Här President, Dir Dammen an dir Härren**

Mat Mossnahmen an der Héight vun 952 Milliounen euros hun mir als Majoritéitsfraktiounen an Zesummenarbecht mat der Regierung färdeg bruecht de Budget fir 2013 consolidéieren.

Dat war eng 1. wichteg an och richtig Etap.

Weider Ustrengungen müssen awer folgen, wa mir définitiv der Defizitspiral well entkommen.

Mir sinn eis bewosst datt mir den Haaptbrocke eigentlech nach virun eis hunn. Grimmelen lenks a riets sinn all zesummegekiert. Elo müssen mir eis mat de grouse Stecker vum Kuck beschäftegen.

Et heescht strukturell Reformen an Kurskorrekturen unzegoen déi néideg sinn fir de Budegt substantiell an laangfristeg ze entlaaschten.

Dofir muss eng Art Stufepiang op Been gesaat ginn deen sech iwwert puer Joren erstreckt.

An deem Senn hunn Regierung an Majoriteitsfraktioun sech geneenegt, jo souguer verpflichtet, de Staatsbudget no strukturellen Spuermossnahem ze duerchforsten an bis Fréierjoer 2013 konkret Proposen op den Desch ze leen.

Dobäi ginn ausnahmslos all grouss staatlech Ausgabebleck op de Préifstand geholl.

Ech deelen op deem Punkt d'Aussoen vum Arbechtsminister deen an engem Radiosinterview gesot huet, dass fir hien all Artikel am Staatsbudget muss gekuckt an hannerfrot ginn.

Genee wéi fir de Minsiter Schmit ginn et fir eis an desen Zäiten keng Tabouen.

Et kann, an et muss iwwer alles dicutéiert, a wann néideg nei verhandelt ginn.

Da gëllt souwuel bei de Funktionnementskäschten vum Staat wei och bei senger Investitiounspolitik an de Sozialtransferten.

Sief et am Fong pour l'emploi wou mir iwwert de Finanzement vun de Beschäftigungsinitiativen, de Reemploi oder och nach de Reclassement schwätzen, sief et an der Familienpolitik wou déi d'sozial Selektivitéit eng méi grouss Gewichtung muss kréien am oder am Beräich vun de Subventiounen un Gemengen, Entreprises oder Privatstéit :

Iwwerall gëllt dat jidder Budgetsposten dohinner muss analyséiert gin op e sengem usprüngelechen Ziel nach emmer gerecht gett oder net.

E Beispill sinn Subventioun vum Partikelfilter bei Dieselautoen déi keng Daseinsberechtigung méi hun a folgerichtig vun der Regierung oofgeschaaf gouf.

**Här President,**

Mam Vote vun deem Budget gett fir eis keen Schlusstrech ennert dess Diskussiounen gezun.

De Géigendeel wärt de Fall sinn.

An de nächste Méint ass eng weider finanzpolitesch Detailarbecht ugesoot woubai een allerdings séier Conclusiounen a Schess aus der Heft muss évitéieren. Et ass nämlech mei complex wei einfach nemmen ze mengen mam Kierzen hei oder do wier et gedoen.

Bei allen méiglechen Consolidéierungsmossnahme geet et nämlech drem genee drop opzepasst, dass se mettel- a langfristeg keng négativ sozial an ekonomech Inzidenzen bewierken, dei Konsumverhalten vun de Léit respektiv déi wirtschaftlech Aktivitéiten an eise Land géifen ofschwächen.

Aus deem Grond schléisst CSV genee wei LSAP och iergendeng Ännerung bei den TVA-Sätz zu jetzegen Zäitpunkt aus.

**Här President,**

Spueren ist keen politesche Selbstzweck.

Dofir steet fir meng Fraktioun den aktuelle an zukünftigen Consolidéierungspaak vum Staasbudget ennert der Prämissen vun der wirtschaftlecher Vernunft a sozialer Verantwortung.

Op een Bugetsdefizitreduzéierungsprogramm vun 952 Milliounen follegt een ambitieisen Arbechtsprogramm fir Strukturereformen, deen den geänderten wirtschaftlechen an haushaltspoliteschen Gegebenheeten wärt Rechnung droen.

CSV an LSAP Kolaitioun ass déi eenzeg virstellbar Regierungskonstellatioun déi an deem Moment bereet a fähig ass dës schwierig Zäiten fir eist Land erfollegräich ze meeschten.

Gelengt eis desen héigen Usproch net, kreien mir déi Tendenz net gebremst dass mir duerch héigh Defiziter ëmmer manner Flexibilitéit hun fir iwwerhaapt nach zukunfts-fähig a zukunftsweisend Politik fir d'Land ze machen ze maachen, da sinn ech pessimistesche waart Entwecklung an de sozialen Zesummhalt an eisem Land an den nächste Joren betrifft.

Es sinn aawer een positiv denkenden Mensch a meng Fraktioun a Partei gleewt un d'Zukunft vun eisem Land.

Ech hunn deementspriechend d'Hoffnung datt, wa mir et kollektiv fäerdeg bréngen eise System an deenen nächste Joeren esou ze adaptéieren, datt mir e strukturell entlaascht kréien, datt mir dann d'Kéier kréien an eise Kand- a Kandskanner och weiderhun eng Perspektiv an deem, an eisem Land, kennen ubidden.